



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Sam TANSON, an der Madamm Inneministesch, Taina BOFFERDING, op d'parlamentaresch Fro n°5070 vum 8. Oktober 2021 vun den honorabelen Deputéierte Claude Lamberty a Max Hahn zum Sujet „Garde Champêtre“

Fro 1

D'Zuele sinn opgeschlësselt no Arrondissementen a Joren. Den informatesche System gëtt eng Oplëschtung no Gemengen net hier.

	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020
DIEKIRCH	0	0	0	0	0	0	0	3	2	0	0
LUXEMBOURG	1	0	1	8	11	16	21	27	10	4	1
Total	1	0	1	8	11	16	21	30	12	4	1

Fro 2

	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020
DIEKIRCH	0	0	0	0	0	0	0	3	2	0	0
Jugement rendu	0	0	0	0	0	0	0	3	0	0	0
Affaire en cours	0	0	0	0	0	0	0	0	1	0	0
Auteur inconnu	0	0	0	0	0	0	0	0	1	0	0
Ad acta	0	0	0	0	0	0	0	0	0	0	0
LUXEMBOURG	1	0	1	8	11	16	21	27	10	4	1
Jugement rendu	0	0	1	6	7	2	6	2	1	0	0
Auteur inconnu	0	0	0	0	0	0	0	3	6	3	1
Ad acta	1	0	0	2	4	14	15	22	3	1	0
Total	1	0	1	8	11	16	21	30	12	4	1

Fro 3

D'Anhale vum genannten Artikel kann duerch d'Police kontrolléiert ginn an deene Gemengen, déi dëst an hirem Policereglement virgesinn hunn. Wat d'Kompetenzen an d'Aufgabe vun de Bannhiddere ugeet, spillen eng Panoplie vu Gesetztexter, ënner anerem den Artikel 14 vum Code de procédure pénale, den Artikel 97 Paragraph 2 vum ofgeännerte Gemengesgesetz vum 1988 a verschidde Spezialgesetze (z.B. d'Naturschutzgesetz).

D'Deputéiert viséiere speziell eng Dispositioun aus verschiddene Policereglementer vun de Gemengen :
« *Les distributeurs de tracts, annonces, affiches volantes et insignes ainsi que les mendiants ne peuvent*



interpeller, accoster ou suivre les passants, ni entraver la libre circulation sur la voie publique. ». Infractions dogées kënne mat enger Amende correctionnelle vu 25-250 Euro bestrooft ginn.

Aktuell huet de Bannhider, op Basis vum Artikel 14 vum Code de procédure pénale, d'Kompetenz, Delikter a Contraventionne feststellen an e Procès-verbal ze schreiwe bei Infractionne « *qui portent atteinte aux propriétés forestières et rurales ainsi que les infractions pour lesquelles compétence leur est attribuée par des lois spéciales.* » Et gëtt awer am Moment keng speziell legal Dispositioun, déi et de Bannhider erlaabt, fir aner Infractions zu Gemengereglemter ze constatéiere wéi déi, déi vum Code de procédure pénale viséiert sinn.

Zum Artikel 97 vum Gemengegesetz ass ze soen, dass de Bannhider de Buergermeeschter soll bei der Exekutioun vu Policegesetzer a –reglementer assistéieren. Hei sinn de Buergermeeschter an de Bannhider an enger administrativer Funktioun, déi net als Zil de Constat vun Infractions huet.¹

An Zukunft soll dat sech awer änneren. De Projet de loi n° 7126² gesäit en neien Artikel am Code de procédure pénale vir, deen den Agents municipaux déi Funktioun an Zukunft soll ginn, wa si déi dofir noutwenneg Examen a Formatiounen hunn: « *Art 15-1bis. Les agents municipaux qui ont réussi à l'examen de promotion de leur carrière et qui remplissent les conditions de formation requises recherchent et constatent par procès-verbaux, dans la ou les communes de leur ressort, **les contraventions aux règlements de police générale** de la ou des communes ainsi que les délits et les contraventions qui portent atteinte aux propriétés forestières et rurales ».*

Lëtzebuerg, den 9. November 2021.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson

¹ Victor de Tollenaere : Nouveau commentaire de la loi communale, Tome II, n° 1024*bis*, Larcier 1955.

² [Projet de loi n° 7126](#)